LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Coopération
et de l'Action humanitaire

Luxembourg, le 18 décembre 2015

Le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse conjointe du Ministre des Finances et du Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire à la question parlementaire n° 1577 posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Romain Schneider

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION

Reg.:	SCL:
Entré le: 18 DEC. 2015	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Äntwert op d'Question-parlamentaire n° 1577 vum Honorabelen Här Deputéierten Fernand Kartheiser

1.Firwat huet d'Regierung de Choix geholl, fir net alles op d' Entwécklungshëllef unzerechnen, wat no de Reegele vum DAC kéint ugerechent ginn?

D'Regierung huet dëse Choix aus politeschen Grënn gemaach, wéi de Romain Schneider schonns den 17. November an der Chamber gesot huet.

An d'Kooperatioun investéieren, heescht och an eis Sëcherheet investéieren an an en Deel vun den Ursaachen fir d'Migratiounen. Wa mir duerch Kooperatiounsprogrammen an der Educatioun, der Formation-professionnelle an dem Schafen vun Entreprisen am ländlechen Raum, de Jugendlechen z.B. a Westafrika, eng Zukunktsperspektiv ginn, ass dat e richtegt Investissement vun eisen ëffentlechen Entwécklungsgelder. Et hält en Deel vun dëse Jugendleche vu geféierleche Reesen duerch de Sahel an d'Mëttelmier of, rett Liewen an ass de tout point de vue och an eisem Interessi.

De Jugendlechen an Afrika awer och am Noen- an Mëttelerenoste Perspektiven ze ginn, ass och an eisem Sëcherhetsinteressi. Esou laang wéi radikal Gruppen déi eenzeg sinn, déi eppes ubidden, ass leider de Choix fir vill evident. Mir mussen also um Terrain präsent sinn an Alternative mat eise Partenerstaten ubidden.

Et ass also eng ganz kuerzfristeg Rechnung, wann een d'reell Mëttele vun der Kooperatioun reduzéiert, andeem een aner Dépensen mat urechent, fir d'Resultat ze verschéineren. Um Terrain awer och bei eis huet dëst mëttel-an laangfristeg en aneren vill méi héije Coût.

2.Wéi héich ass déi lëtzebuergesch Entwécklungshëllef an absoluten Zuelen a relativ zum Bruttonationalakommes wann all Depense géingen integral sou ugerechent ginn, wéi d'DAC et erlaabt?

Wéi schonns explizéiert an der Äntwert op d'Question- parlamentaire 671 vum 1. Dezember 2014 vum Honorabelen Här Deputéierten Fernand Kartheiser, ass d'Situatioun déi folgend:

De CAD erlaabt effektiv ënner spezielle Bedingunge verschidden Ausgaben an d'ëffentlech Entwécklungshëllef mat anzerechnen. Op e Land dat mécht, ass eng politesch Entscheedung, déi eng Regierung hëllt. D'Lëtzebuerger Regierung huet de Choix gemaach fir eng Rei vun Dépensen net a Betracht ze zéien an huet dowéinst och keng detailléiert Zuele fir dës Ausgaben ze chiffréieren, well et geet net duer, de Budget fir dës Ausgaben ze kucken. Do muss ee genau den Virgabe vun den « Directives convergées pour l'établissement des rapports statistiques du système de notification des pays créanciers et du questionnaire annuel du CAD » entspriechen.

Ech ginn d'Beispill vun de Studenten. Hei musse kloër Konditiounen erfëllt sinn. Hei en Extrait aus den Direktiven vum CAD:

Les coûts indirects d'éducation (« coûts imputés ») dans les pays donneurs peuvent être comptabilisés dans l'APD dans les systèmes d'éducation non payants, ou quand les droits d'inscription ne couvrent pas les frais de scolarité, à condition que la présence des étudiants reflète la mise en œuvre par le pays d'accueil d'une politique délibérée de coopération pour le développement, c'est-à-dire, au minimum, que ces coûts soient expressément mentionnés dans le budget du gouvernement et que les instances chargées des programmes d'APD participent de

manière adéquate à l'élaboration de la politique d'accueil et de formation d'étudiants originaires de pays en développement, compte tenu de facteurs nationaux particuliers.

Fir d'Zuelen, déi den Accueil vun de Refugieeën ubelaangen, sinn och komplizéiert Berechnungen ze maachen, déi mam CAD mussen ofgestëmmt ginn. Hei sinn ënnert spezialiséierte Statistiker Étuden ënnert der Leedung vum CAD gemaach ginn, fir Divergenze wat d'Berechnungsmethoden ubelaangen, ze klären.

Wat Dépense fir de Klimaschutz ubelaangen, gesäit de Regierungsprogramm vir datt eng Additionnalitéit an dësem Fall applizéiert gëtt.

(...) Les actions additionnelles mises en œuvre par le Gouvernement conjointement avec des pays partenaires pour prévenir le changement climatique n'affecteront pas les moyens budgétaires réservés à l'éradication de la pauvreté ou à l'aide humanitaire. (...)

3.Rechent Lëtzebuerg all déi Dépense fir Friddensoperatiounen (OMP) déi kéinten no der DAC ugerechent ginn, och effektiv an integral der Entwécklungshëllef zou?

Dépense fir Friddensoperatioune (OMP) ginn ugerechent no de Virgaben vun den « Directives convergées pour l'établissement des rapports statistiques du système de notification des pays créanciers et du questionnaire annuel du CAD », dat heescht datt 7% vum Gesamtmontant als Aide publique au développement ugerechent ginn. An 2014 huet Lëtzebuerg am Finanzement vu verschiddene Friddensoperatioune matgemaach, nämlech : FNUOD, MINURSO, MINUL, MINUK, MONUSCO, MINUSTAH, ONUCI, UNAMID, UNSOA, MINUSS / UNMISS, FISNUA, MINUSMA, MINUSCA, FINUL, an dës och mat ugerechent gemäss Virgabe vum CAD.

4.Gëtt et Länner déi hir Contributioun zum Klimafong oder dem neien Ënnerstëtzungsfong fir Afrika, deen nom EU-Afrika Sommet vu Malta gegrënnt gouf, och op hir Entwécklungshëllef urechnen?

Den neien "Fonds d'affectation spécial d'urgence pour la stabilité et s'adressant aux causes profondes de la migration irrégulière et des personnes déplacées en Afrique » ass engersäits mat schonn existéierende Mëttele vum intergouvernementale Fonds européen de Développement (FED) finanzéiert an anerersäits vun zoustätzeleche Mëttele vun de Memberstaaten. Lëtzebuerg huet hei 3,1 Milliounen Euro zousätzlech ginn aus der ëffentlecher Entwécklungshëllef. Et kann een dovunner ausgoen, datt all Länner dat esou machen, an datt och d'Contributioun aus dem FED esou ugerechent gëtt.

Wat de Finanzement vun de spezifeschen Klimaausgaben ubelaangt, esou ass et all Land iwwerlooss säi Choix ze maachen.

5.Rechne Länner wéi Schweden, Norwegen an Dänemark all hir Dépensen fir d'Entwécklungshëllef konform zum DAC-Modell oder maachen se, wéi Lëtzebuerg, Exceptiounen? Wa jo, wéi eng?

Aus dem "Système de notification des pays créanciers 2013" mat den definitven Zuelen, déi vum CAD approuvéiert sinn, geet ervir datt dës Länner Dépensen zum Accueil vu Studenten an Réfugieeë mat arechnen.

Mir wëssen natierlech net, an wéi wäit se dës an aner Dépensen, déi eligibel kéinte sinn, ganz, deelweis oder net arechnen. Dat geet net aus deene Statistiken eraus, déi dës Länner am CAD deelen.